# POMPJEESVERBAND FLASH Juni 2021

Kolleeginnen a Kolleegen Pompjeeën am CGDIS,

Duerch e Feeler an onsem Comptabilitéitsprogramm, deen d'lescht Woch behuewe ginn ass, wor et ons net méiglech de Bilan 2020 fir de Pompjeesverband an d'Fondatioun ofzeschléissen. Mir kucken schnellst méiglech Dokumenter fir déi formell Generalversammlung un ons Amicallen ze schécken.



De President vum Pompjeesverband, Marc Mamer, an der Generaldirekter vum CGDIS, Paul Schroeder, ënnerschreiwen en gemeinsame Bréif betreffend d' Subsiden vun den Amicallen.

Déi wichtegst Punkten, déi bei der Sëtzung vum Zentralvirstand vum 24. Juni 2021 beschwat goufen.

- Et ass mam Paul Schroeder diskutéiert ginn fir dass Veteranen verschidden Aufgaben am Zenter kënnen iwwerhuelen (z.B. Contrôle technique). Déi eenzeg Léisung ass, dass di Leit eng Demande un de CA stellen fir erëm an de Statut vum "pompier de support" ze wiesselen.
- Op Ufro vun engem Member deen aktiv an engem GIS an an engem CIS ass op et méiglech ass am CIS "pompier de support" ze ginn an am GIS weiderhin aktiv ze bleiwen koum eng negativ Äntwert, wëll déi 2 Statuten inkompatibel sinn (Art. 1 Règ. grand-ducale 15. Juni 2018). Et ass awer erlaabt als operationelle Pompjee vun engem GIS ouni spezifeschen "emploi" am CIS weider eng Hand unzepaken.
- Wann am Certificat vum STP eng Exklusioun fir d' Fueren vum Camion steet, gëllt dëst nëmmen fir den Asaz. Mat engem gültege C-Führerschäin (Camion) kann e Won ausserhalb vun den Asätz beweegt ginn (z.B. Contrôle technique).
- De Pompeescross fënnt de 25. September zu Rouspert am Sauerpark statt, d' Umeldungsdokumenter ginn deemnächst verschéckt.

Marc MAMER
President



bureau@fnsp.lu 28 55 641 www.fnsp.lu http://www.facebook.com/fnsp.lu/ 7, rue Chr. Plantin L-2339 Lëtzebuerg